ACEL
de Studentevertrieder

Esch-sur-Alzette, den 20. Mee 2025

ACEL – de Studentevertrieder
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

**Communiqué de presse de l'ACEL** : Net um Réck vun de Jonken: Pensiounsreform muss gerecht sinn!

D'ACEL begréisst, dass d'Regierung annoncéiert huet de Pensiounssystem nohalteg ze reforméieren an dobäi **Studiejore** weider bäizebehalen. Mir begréissen ausserdem, dass d'Ministesch fir d'Securité Sociale, Martine Deprez, op hirer Pressekonferenz annocéiert huet, dass dës sollen an Zukunft méi flexibel gestalt ginn, eng laangjäreg Fuerderung vun der ACEL fir déi et an der Debatt och e Konsens gouf. Fir eis ass et och wichteg, dass d'Studiejore weiderhin 10 Joer laang kënnen ugerechent ginn an onofhängeg vun enger Reegelstudienzäit oder vun engem Ofschloss sinn, heizou hätte mir eis méi Kloerheet vu Säite vun der Regierung gewënscht. D'Grënn firwat eng Reegelstudienzäit net agehal ka ginn oder firwat e Studium ofgebrach gëtt si villfälteg an oft ass d'Ursaach net e Verscholde vun de Student:inne selwer, mee entstinn duerch Fakteuren aus dem Ëmfeld oder wéinst dem Opbau vum Studium selwer.

Allerdéngs bedauere mir, dass d'Virschléi vum Premierminister sech quasi ausschliisslech op eng Erhéijung vun der Cotisatiounszäit konzentréieren. Aus der Ëmfro vun der ACEL zum Pensiounssystem geet ervir, dass d'Majoritéit vun de Student:innen der Meenung ass, dass méi laang schaffen ze goe keng gerecht Léisung wier – am Géigesaz zu deem wat an der Debatt iwwer d'Ried zur Lag vun der Natioun suggeréiert gouf. Si weisen sech awer oppe fir d'Iwwerleeung, fir nei Finanzéierungsquellen z'identifizéieren, fir esou eng equilibréiert a gerecht Léisung ze fannen. Eng Reform vum Pensiounssystem muss eng **Generatiounegerechtegkeet** garantéieren. Et dierf net sinn, dass déi jonk Generatioun d'Haaptlaascht vun de Reformen droe muss, wat bei der aktueller Propos awer de Fall wier.

Fir d'ACEL ass am Moment net kloer, wéi sech déi annoncéiert Erhéijung vun de Cotisatiounszäit op d'Valoriséierung vun de Studiejoren auswierke géif. D'Studiejoren als Zourechnungszäiten erméiglechen et, op fräiwëlleger Basis, méi fréi an d'Pensioun ze goen – awer sinn net wierklech rentesteigerend. D'Resultater vun eiser Ëmfro weisen, dass d'Student:innen sech fir e **méi flexibele Rentenantrëttsalter** ausgeschwat hunn. Dofir begréisse mir et, dass de Premierminister dëst a senger Ried zur Lag vun der Natioun annoncéiert huet, d'Realitéit ass awer och dass d'Studiejoren engem bis elo schonn zum Deel esou e Choix ginn hunn.  Duerch e progressiivt Eropsetze vun de Cotisatiounsjoren an e Bäibehale vum Pensiounsalter, géif d'Flexibilitéit vum perséinleche Choix fir de Rentenalter no a no reduzéiert ginn.

De Premierminister huet a senger Ried betount, dass **d'Liewenserwaardung** an de leschte 50 Joer fir Männer ëm 14 a fir Fraen ëm 11 Joer gestigen ass. Weider sot hien, dass wann dës an de nächste 50 Joer ëm weider 10 Joer klammen, géif et net sou an d'Gewiicht fale méi laang schaffen ze goen. Déi heefeg zitéiert Zuele vum STATEC an der EU-Kommissioun, bezéien sech op d'Liewenserwaardung bei der Gebuert (espérance de vie à la naissance) a besoen, dass d'Liewenserwaardung an de nächste 50 Joer ëm nëmme 6 Joer fir Männer a 5 Joer fir Frae klamme wäert. Dës Argumentatioun gräift ausserdem ze kuerz well fir déi Jonk, déi haut an d'Aarbechtswelt starten, dat net bedéit, dass hir eege Liewenserwaardung bei der Gebuert an de kommende 50 Joer nach klamme wäert. An dësem Kontext misst een d'Entwécklung vun der Liewenserwaardung och no Alter méi differenzéiert betruechten.

Zousätzlech muss ee berücksichtegen, dass d'Cotisatiounszäit ëm dräi Joer an d'Luucht geet, wärend de Pensiounssystem just fir déi nächst 15 Joer ofgeséchert ass. Eng weider Erhéijung vun der Cotisatiounszäit, an den nächste 15 Joer, ass also net ausgeschloss. Dës **onproportional Erhéijung** kéint domat wesentlech méi an d'Gewiicht fale wéi et an der Ried vum Premier duergestallt gëtt.

Mir kritiséieren och, dass d'Aarbecht vun den **Experteronnen**, déi zu enger fundéierter Reform bäidroe sollten, net wierklech an de bis elo virgestallte Virschléi reflektéiert gëtt. Zum Zäitpunkt vun der Ried zur Lag vun der Natioun ware nëmmen d'Berichter vun der éischter an zweeter Ronn publizéiert ginn. Mir stelle fest, dass scho konkret Iddien op den Dësch geluecht goufen, obwuel nach keng offiziell Ofschlossberichter vun dëse Consultatioune virloungen.

D'ACEL wäert de Reformprozess weider mat Opmierksamkeet begleeden a sech fir d'Interesse vun de Student:innen asetzen, fir sécherzestellen, dass hir Meenung sech an dëser Reform och erëmfënnt. An deem Kader huet d'ACEL mat der Ministesch fir d'Securité Sociale, Martine Deprez, eng **Entrevue** am Juni festgeluecht, fir déi heibäi ugeschwate Punkten am direkte Gespréich kënnen ze diskutéieren.


**Gianni DI PAOLI**
President
gianni.dipaoli@acel.lu
+352 2060 8484 - 1

**Laurent SCHENGEN**
Vize-President Representation
laurent.schengen@acel.lu
+352 2060 8484 - 4